
# E Moralist am Zäitalter vun de plakege Brëscht

*Uganks Oktober as den amerikanesche Mediëwëssenschaftler Neil Postman gestuerwen. Séng grouss Zäit waren d'1980er Joeren, wou hien mat groussem Succès Bicher iwwert d'Gefore vun der Televisioun geschriwwen huet. Och wa muenches u sénge Warnungen iwwerdriwwe war, huet de Postman an der Tendenz awer recht behal.*

Romain Kohn

De 7. Oktober hun d'Kalifornier an enger politescher Emtauschaktioun de Schauspiller Arnold Schwarzenegger als hire neie Gouverneur gewielt. Zwee Deeg virdrun as zu New York den Neil Postman am Alter vun 72 Joer u Longekriibs gestuerwen. Zanter 1971 war hie Professer fir Mediënécologie an huet bis zum Schluss géint d'Televisioun polemiséiert. Séng Angscht: Fir de Bierger hir Stëmmen ze kréien, muss e Kandidat näischt méi vun der *res publica* verstoen, mee d'Leit als gudden Acteur em de Fanger kënne wékkelen. Sou gesin huet de Postman zwar recht behal, mee d'Ironie vum Schicksal wollt, datt hien dësen Ament nët méi selwer erlieft huet resp. nët méi selwer huet *missen* erliewen.



1985 koum dat Buch eraus, datt de sozialromanteschen a kulturkonservative Professor iwwert säi Fach eraus bekannt gemaach huet: *Amusing Ourselves to Death*. Dëse kriteschen Essay iwwert den öffentlechen Débat am Zäitalter vum Showbusiness gouf an 8 Sproochen iwwersat a weltwäit iwwert 200.000 Mol verkaaft. De Succès an Europa a speziell an Däitschland war grouss. Kee Wonner, dëssäit vum Atlantik as et ugaang mat der Privattelevisioun an de plakege Brëscht op dem Écran. A genee an deem Ament koum en amerikaneschen Auteur, deen opgronn vu sénger Experienz doheem e kulturpessimisteschen Horrorszenario entworf huet.

Dem Postman séng Kritik war keng ästhetesch, him goung ët ëm d'Wëssensvermëttlung. "'T as kee Problem, datt d'Televisioun eis Ënnerhalungssujetë présentéiert", heescht et op enger zentraler Plaatz, "mee datt all Sujët als Ënnerhalung présentéiert gët." De New Yorker Professor huet gefaart, datt d'Wësse fragmentéiert an an Informatiounen ouni Kontext opgeléist géif - genee wéi am populäre Gesellschaftsspill *Trivial Pursuit* an zanter engem Joerzéngt a verschäerfter Form am Internet. De Neil Postman huet weider un eng linear Argumentatioun an domadder un d'Wuert gegleeft. Wann hien d'Schrëft als Medium vun der Opklärung an hire Prinzipe gesin huet, da war d'Televisioun de Kommunikatiounsmoyen vun der Spaassgesellschaft - och wa virun 20 Joer nach keen dee Begrëff kannt huet.

Gewëss huet hien d'18. Joerhonnert idealiséiert, mee hien huet scho fréi erkannt, wou eng vun dem Écran geformte Gesellschaft génghisteieren. Et däerf ee nët vergiessen: Wéi de Postman séng Thesen avancéiert huet, ware grad *Dallas* an *Dynasty* an de President Ronald Reagan aktuell - keng Reality-TV, kee Premierminister Silvio Berlusconi an kee Gouverneur Arnold Schwarzenegger. An der Tendenz hat de Mediënécologiste recht, am Détail dogéint ware séng Analysen dachs gewot.

Et waren an éischter Linn Theoriën, déi de Postman nëmme ganz siele mat empireschen Donnéën ënnerfiddert huet. Op däer anerer Säit war dës Haltung ze verstoen: De Mediëkritiker war kee Fuerscher, hie war an éischter Linn e Moralist. Als sollechen huet hie sech mat vill Gedäisch géint d'Televisioun an hiren nefasten Afloss op den öffentleche politeschen Débat gewiert. Dobäi huet hien als Bildungswëssenschaftler, deen hie vu sénger Formatioun hir war, séng ganz Hoffnung op d'Éducatioun an op d'Schoul gesat. Nëmme jhust: Wiem séng Hoffnung as dat schon nët...¿

*(Fräie Micro um radio 100,7 vum 5. November 2003)*

**"'T as kee Problem, datt d'Televisioun eis Ënnerhalungssujetë présentéiert, mee datt all Sujët als Ënnerhalung présentéiert gët."**

**Neil Postmann**